ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot: Fred Keup

Lëtzebuerg, den 9. November 2021

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Allocation de vie chère (AVC) fir vill Stéit eng wichteg Hëllef ass fir iwwert d'Ronnen ze kommen;
- d'Prozedur fir d'Deierungszoulag d'Liewenskäschte vum ofgelafene Kalennerjoer berechent an domat onerwaarte Käschtenentwécklungen net berécksiichtegt;
- déi aktuell Präisexplosioun a villen Domäner mee besonnesch bei der Energie vill Leit onerwaart trëfft an datt Leit, déi schonn an der Vergaangenheet op d'AVC-Deierungszoulag ugewise waren, besonnesch ze leiden hunn;

fuerdert d'Regierung op,

- fir Leit, déi an der Vergaangenheet d'Deierungszoulag accordéiert kritt hunn, direkt eng substanziell Avance op d'AVC vun 2022 auszebezuelen, fir d'finanziell Noutsituatioun, déi déi aktuell Käschtenexplosioun mat sech bréngt, auszegläichen;
- d'Héicht vun der Deierungszoulag no uewen unzepassen an d'Präisentwécklung besonnesch och bei den Energiekäschten an der neier Zomm entspriechend ze berécksiichtegen.